



Äntwert vum Här Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n°408 vum 1. Mäerz 2024 vun der honorabeler Deputéierten Mandy Minella.

1. Wéini huet de Minister wëlles de "Safeguarding" am Sport anzeféieren ?

Meng Servicer um Sportsministère schaffen aktuell intensiv drun en Aktiounsplang zu dësem sensible Sujet opzestellen an ëmzesetzen. Beim Thema Safeguarding geet et drëms en Ëmfeld fir de Sport ze schafen, dat d'Gesondheet an d'Wuelbefanne vun de Sportler*innen, den Trainer*innen, den Offiziellen an deene sëllege Benevollen, sou wéi och d'Kredibilitéit vum Sport selwer, garantéiert, respektiv protegéiert. Dëst betrëfft jiddereen deen de Sport selwer bedreift oder encadréiert a virun allem d'Kanner an déi Jugendlech.

D'Konzept vum Safeguarding am Sport couvréiert all d'Mesuren déi ergraff gi fir déi déi am Sport aktiv si viru Blessuren, physescher oder moralescher Belästegung, all Form vun Intimidatioun oder Abus ze schützen.

2. Gëtt d'ALAD d'Ulafstell fir Beschwerden am Fall vun Abusen am Sport?

D'Schafe vun enger onofhänger Ulafstell, déi d'Integritéit vum Sport soll garantéieren, ass eng vun de Prioritéiten, déi och esou aus dem Koalitiounsaccord ervirgeet. An deem Kontext sinn och schon eng Partie Gespréicher mat der ALAD gefouert ginn. Do lafen elo d'Analyse wéi een dës Ulafstell am Beschte kann opstellen, fir dat si hiren Erausforderunge ka gerecht ginn. Dës Ulafstell, mat hire neie Kompetenzen, wäert sech dann e Kader gi fir d'Integritéit am Sport ze schützen. Domat limitéiere mir eis net just gär op de Kampf géint den Doping oder de Safeguarding, mee schafen eng Struktur déi sech op allen Themfelder vun der Integritéit am Sport positionéiert, sou wéi zum Beispill de Match-fixing, de Fair-play oder d'Präventioun vu Verletzungen, fir just dës ze nennen.

3. Ginn et Zuelen zu Lëtzebuerg déi d'Abusen am Sport uginn?

Bedauerlecherweis ginn et aktuell zu Lëtzebuerg keng Zuele wat d'Abusen am Sport ugeet.



4. Wéi ginn Trainer an Trainerinnen an hirem Beräich sensibiliséiert a kontrolléiert?

D'Thema Safeguarding, mat engem Fokus op d'Kanner an déi Jugendlech, ass Bestanddeel vun der Partie commune LUXQF3 Trainerformatioun. Deemno gëtt all Trainer*in deem d'Formatioun duerchleeft zu dësem Sujet sensibiliséiert.

5. Huet de Ministère wëlles eng Sensibiliséierungskampagne an deem Domaine ze lancéieren?

D'Sensibiliséieren ass natierlech e wichtegt Element vun engem Aktiounsplang.

Lëtzebuerg, de 27. Mäerz 2024

Le Ministre des Sports

(s.) Georges Mischo